N°2140
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2140 vum 25. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. A wéi enge Beräicher gëtt Kënschtlech Intelligenz aktuell an de lëtzebuergesche Spideeler agesat? Kënnt Dir eng detailléiert Iwwersiicht iwwer déi aktuell Uwendungsfelder ginn, besonnesch wat d'Diagnostik, d'Administratioun an d'Betreiung vun de Patienten ubelaangt?

D'Kënschtlech Intelligenz (KI) gëtt bis elo virun allem am Secteur vun der Radiologie agesat, wou se haaptsächlech d'Radiologen als Assistenztool bei den Diagnosen ënnerstëtzt. Dës Systemer ënnerstëtzen d'Fachleit bei der Analyse vun de Réntgebiller, wat dozou bäidroe soll méi präzis Diagnosen ze stellen an eventuell d'Zäit, déi néideg ass fir d'Diagnose z'erstellen, ze verkierzen. Allerdéngs bleift d'Benotzung vun der KI komplementär zu de Kompetenze vun de Gesondheetsberuffler am Kader vun hirer mënschlecher Grondverantwortung an d'Entscheedung zur oofschléissender Interpretatioun vum Resultat läit bei hinnen.

D'Spideeler sinn autonom bei der Ëmsetzung vu KI Systemer. Allerdéngs musse KI Uwendungen, déi als medezinesch Geräter ugesi ginn, deementspriechend qualifizéiert an zertifizéiert sinn, den CE Marquage droen, e Certificat vun engem akkreditéierten „organisme notifié" ausgestallt hunn a benotzt ginn wéi virgesinn, am Aklang mat den Instruktiounen. An dëser Hisiicht sollten d'Spideeler virun all Akaf, d'Fuerderungen an déi klinesch Beweiser vun de KI-baséierte medezineschen Apparater verifizéieren, déi se kafe wëllen.

2. Ginn et konkret Donnéeën iwwer d'Effizienz an d'Qualitéitsverbesserung duerch den Asaz vu KI an eise Spideeler?

D'Spideeler hu keng Kenntnisser vu Studien oder systemateschen Erfaassunge vun Donnéeën, déi et erlaben, vu konkrete Virdeeler am Beräich vun der Effizienz oder der Qualitéit vun der medezinescher a gesondheetlecher Prise en charge, déi direkt am Zesummenhang mat der Benotzung vun der KI an eise Spideeler stinn, ze chiffréieren.

3. A wéi enge spezifesche medezinesche Beräicher ass den zukünftegen Asaz vu KI konkret geplangt? Ginn et speziell Projeten oder Ënnerstëtzungsprogrammer fir den Asaz vu KI:

- an der Computertomographie (CT)
- bei IRMen
- bei Labo-Analysen
- an der Echographie
- bei aneren diagnosteschen Methoden?

Ausser dem aktuellen Asaz an der Radiologie, wéi virdrun erwäänt, ass zur Zäit an de medezineschen Beräicher wéi:

- Tomodensitometrie (CT),
- Magnetresonanztomographie (IRM),
- Laboanalysen,
- Echographie oder
- aner diagnostesch Methoden

an den Spideeler kee konkrete Projet en cours. Punktuell gëtt KI als Zousatzhëllef zur Selektioun an Interpretatioun vu Laboanalyse benotzt.

Virun all weiderem gréisserem Roll out, bleift et onerlässlech eng kloer Norm opzestellen sou wéi och strikt Protokoller festzeleeën, fir den Zougang zu der KI-Technologie ze sécheren, an esou d’Protektioun vun den Donnéeën an d'Zouverlässegkeet vun den erzielte Resultater ze garantéieren.

4. Wéi eng medezinesch Geräter sinn aktuell um Stand fir mat KI-Technologien opgerëscht ze ginn? Kann d'Ministesch eng detailléiert Oplëschtung pro Spidol a Gerätertyp uginn?

Zu dësem Zäitpunkt gëtt et keng offiziell Lëscht vun de medezinesche Geräter, déi mat KI-Technologien opgerëscht kënne ginn, opgelëscht pro Spidol a pro Gerätertyp. Déi jeeweileg Produzenten hunn d’Verantwortung fir déi néideg Informatioune virzehalen.

5. Existéieren offiziell Zäitpläng oder Pilotprojete fir KI an de Spideeler weider auszebauen? Falls jo, wéi eng Zäitraim sinn an de verschiddene medezinesche Beräicher virgesinn?

Et gëtt zu dësem Zäitpunkt kee präzisen Zäitplang an et ass keen offizielle Pilotprojet definéiert fir eng eventuell Erweiderung vun der Kënschtlecher Intelligenz an de Spideeler.

6. Wéi gëtt d'Dateschutzrecht am Kader vum Asaz vu KI-Systemer an de Spideeler garantéiert, a wéi eng spezifesch Moossnamen huet d'Regierung geholl, fir d'Sécherheet vun de sensibele Patientendaten ze garantéieren?

D’Herausfuerderungen am Zesummenhang mam Schutz vun de perséinlechen an sensibelen Donnéeën, déi mat der Uwendung vun der KI verbonne sinn, stellen eng absolut Prioritéit duer. D'Prioritéit bleift weiderhin d’Léise vun de grondleeënden Erausfuerderungen déi mat der Interoperabilitéit bis hin zum Standardiséieren an der Sécherheet vun den néidegen Infrastrukturen verbonne sinn, fir dës nei Technologien opzehuelen. Nëmmen d’Zesummespill vun dëse grondleeënde Bedéngungen erméiglecht et, esou innovativ Projeten effektiv a sécher ëmzesetzen.

Zum haitegen Zäitpunkt si spezifesch a strikt Moossnamen noutwendeg fir d'Sécherheet vun den Informatiounen vollstänneg ze garantéieren. Dofir muss d'Ëmsetzung vum AI—Act, e Complément zum Règlement grand-ducal sur la Protection des Données (RGPD), an d'Anhale vun de Verpflichtungen, déi an der Direktive NIS-2 virgesi sinn, an eise Systemer a Moossnamen integréiert ginn. Dës Moossname musse genau definéiert a realiséiert ginn iert eng generell Notzung vun der KI an de Spideeler kann envisagéiert ginn.

D'Garantie vum Recht op Dateschutz am Kader vun der Benotzung vu kënschtlechen Intelligenz-Systemer an de Spideeler fält an d'Verantwortung vun den Dateschutzbeoptraagten (DPO) an all Etablissement.

7. Wéi gesäit d'Regierung d'Investitiounsstrategie an d'Finanzéierung vun dësen digitalen Innovatiounen am Gesondheetswiesen?

Et ass wichteg ervir ze hiewen dass e Memorandum of Understanding (MoU) kierzlech vun de Spideeler ënnerschriwwe gouf deen eng déifgräifend a strategesch Analyse vun der kompletter Digitaliséierung vun de Spideeler virgesäit. Dës Approche gesäit eng spezifesch Reflexioun iwwer d'Integratioun vun Technologien op Basis vu KI an der Zukunft vir.

Am Kontext vun der Veraarbechtung vu sensibelen Donnéeën an am Zesummenhang mat den Ambitiounen an de reellen Besoin'en vun de Spideeler, muss déi aktuell Investitiouns- an Finanzéierungsstrategie, déi fir digital Innovatiounen am Lëtzebuerger Spidolssecteur virgesinn ass, ugepasst ginn. Fir effizient op d'Erausfuerderunge vun der Kënschtlecher Intelligenz am medezinesche Secteur kënnen ze reagéieren, muss Lëtzebuerg seng Ressourcen, Kompetenze vun de Mataarbechter an och seng technesch Fäegkeete verstäerken, fir lokal performant KI-Systemer opzehuelen an z'exploitéieren.

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez